ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 2531

REÇU
Par Alff Christian , 07:22, 14/07/2020

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Juli 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

En Éducateur, deen zu Lëtzebuerg seng Schoule gemaach huet, muss eng Beruffszouloossung beim Schoulministère ufroen. Ech hunn e puer Froen zu dëser Prozedur, déi ech dem Här Minister heimat wéilt stellen:

1. Ass en Diplom vun enger Lëtzebuerger Schoul, respektiv en auslänneschen Diplom, deen hei am Land unerkannt ass, bei sozialpedagogesche Beruffer net Beruffszouloossung genuch? Wéi justifiéiert sech déi zousätzlech Prozedur?
2. Fënnt den Här Minister et normal, datt e jonken Educateur, deen op den Aarbechtsmaart kënnt, muss 75 Euro bezuelen, fir duerfen ze schaffen? Ass et net denkbar, déi Zouloossung als Deel a logesch Konsequenz vum Lëtzebuerger Diplom gratis ze maachen?
3. Wéi eng aner Beruffskategorien sinn enger ähnlecher Prozedur ënnerworf?
4. Wéi eng Informatiounen aus dem Casier judiciaire ginn an dëser Zouloossungsprozedur berücksichtegt an op wéi eng Manéier?
5. D'Délaien, déi d'Verwaltung sech virbehält, fir d'Beruffszouloossung auszestellen, leien tëscht zwou Wochen an dräi Méint. Ass dësen Délai vun dräi Méint net iwwerdriwwe laang, well en eventuell kann deene Betraffenen Schwieregkeete bei der Sich no enger Aarbecht maachen? Wéi laang dauert fir geweinlech dës Prozedur?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2531 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

Well d'Sozialberuffer haaptsächlech bei Kanner oder vulnerabele Leit intervenéieren, kann eleng d'Virleeë vun engem Diplom als Beruffszouloossung net duergoen. Duerfir muss de Kandidat bei der Demande fir d'Beruffszouloossung ë. a. nach de Casier judiciaire niewent dem Diplom virleeën. Et wier zousätzlech nach méiglech, en Dokteschzertifikat ze froen. Duerop gëtt am Ament verzicht, well d'Patronen dee bei der Astellung souwéisou nach eemol froen.

**Ad 2)**

Am Kader vum Zukunftspakgesetz vum 19. Dezember 2014 (2015) gouf dës zousätzlech Prozedur agefouert, wou den Diplom vun der Beruffszouloossung getrennt gouf. Bis dohi war déi effektiv am Diplom mat dran a wor och drop notifizéiert.

Déi Trennung huet awer och misse gemaach ginn, fir enger ongläicher Behandlung en Enn ze setzen, déi bis dato stattfonnt huet, well déi Diploméiert säit jeehier hu misse beim Gesondheetsminister ufroen, fir d'Beruffszouloossung ze kréien, an och déi entspriechend Tax bezuelen. D'Logik besteet eben do dran, fir déi Diskriminatioun vun de Gesondheetsberuffer vis-à-vis vun de Sozialberuffer aus der Welt ze schafen, déi eleng dorobber berout huet, datt d'Gesondheetsberuffer d'Beruffszouloossung bei engem anere Ministère hu missen ufroen.

**Ad 3)**

Déi zwee reglementéiert Beruffer aus dem sozio-edukative Beräich sinn den Educateur an den Auxiliaire de vie. Déi selwecht Prozedur ass och fir d'Gesondheetsberuffer virgesinn, mam Ënnerscheed, datt fir d'Beruffszouloossung eben de Gesondheetsminister zoustänneg ass.

**Ad 4)**

An der Prozedur fir eng Beruffszouloossung am sozio-edukative Beräich gi systematesch d'Bulletinen 3 a 5 vum Casier judiciaire gefrot. Am Bulletin 3 duerf maximal eng Strof vun 1 Joer mat sursis stoen, an de Bulletin 5 muss "néant" sinn.

**Ad 5)**

Den Délai gëtt vun der europäescher Richtlinn iwwert d'Berufsqualifikatioun virginn an ass maximal dräi Méint. Déi effektiv Dauer fir d'Ausstelle vun der Beruffszouloosung fir de sozio-edukative Beräich läit zu Lëtzebuerg awer nëmme bei ronn zwou Wochen, ënner der Konditioun, datt den Dossier komplett ass.